n° 2503

Monsieur Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg
Lëtzebuerg, de 8. Juli 2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister an un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Zenter dem Confinement kommen di Jonk net méi perséinlech op d' ADEM (Orientation professionnelle), mee mussen sech online umelle fir un eng Ausbildungsplaz ze kommen. Eisen Informatiounen no gëtt dës Prozedur och aktuell bäibehalen, obwuel Lycée'en rëm normal funktionéieren. Duerch d' Ewechfale vum perséinleche Kontakt mat de Jonken, besteet de Risiko dat di Jonk, déi net fit genuch sinn oder sproochlech net gutt sinn, dës Demarche via Online Aschreiwung net maachen, a bei der Rentrée 2020/2021 d`Schoul musse verloossen an dëst ouni Ausbildungsplaz.

An dësem Kontext welle mir folgend Froen un d`Ministere stellen:

- Kann de Minister eis des Informatioune confirméieren?
- Wa jo firwat gëtt des Online Aschreiwungsprozedur och elo nach bäibehalen?
- Ass de Minister net der Meenung dat des Aart a Weis riskéiert dat méi Jonker décrochéieren?
- Gedenkt de Minister eng Alternativ en place ze setzen?
- Wei gedenkt d´ADEM virun allem di „vulnerabel" Schüler verstäerkt opzefänken?

Mat déiwem Respekt

Martine Hansen

Marc Spautz

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vum Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft op d'parlamentaresch Fro Nr. 2503 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Marc Spautz**

Et ass richteg, datt déi Jonk sech zanter dem 6. Abrëll 2020 opgrond vun der COVID-19-Pandemie, online um Site vun der ADEM fir hir Léierplaz am Service d'orientation professionnelle vun der ADEM kënnen aschreiwen. All Jonken ass iwwer Telefon kontaktéiert ginn fir déi Donnéeën, déi fir eng definitiv Aschreiwung noutwenneg sinn, opzehuelen.

Ausserdeem konnten iwwer déi Telefonsgespréicher sämtlech Orientatiounsfroen an awer och Verständnisfroe par rapport zur Aschreiwungsprozedur mat de Kandidate gekläert ginn.

Et ass derwäert ze ernimmen, datt bannent nëmmen dräi Wochen dës online Aschreiwungsoffer decidéiert, developpéiert, organiséiert an zilgruppenorientéiert no bausse kommunizéiert ginn ass.

Wärend dem ganze Lockdown huet de Service d'orientation professionnelle vun der ADEM fir Noutfäll seng Diere fir de Public opgehat. Fir Drénglechkeetsfäll konnten d'Clienten e Rendez-vous iwwer Telefon oder per Mail ufroen.

Zanter dem 15. Juli 2020 kënne sämtlech Departementer vun der ADEM ënnert Berücksichtegung vun den därzäitegen hygienesche Sécherheetsmoossnamen nees, op Rendez-vous, de Public empfänken.

Bis virun der Kris konnt all Jonken sech ouni Rendez-vous am Service d'orientation professionnelle vun der ADEM presentéieren.

Vu datt ee wärend der Pandemie verhënnere muss, datt mir Situatioune kréien, wou 40 bis 50 Clienten op enger Plaz, also am Service d'orientation professionelle, zesummentreffen, ass momentan déi eenzeg Léisung, datt déi Jonk a nächster Zäit e Rendez-vous am Virfeld mussen ufroen, fir en individuellt Berodungsgespréich ze kréien, well nëmmen esou d'Zuel vun de Clienten, déi simultan am Service zirkuléieren, kontrolléierbar bleift.

Wat déi vulnerabel Schüler betrëfft, muss een ze bedenke ginn, datt d'ADEM just dann iwwert dës Informatioun verfüügt, wann de Schüler vu sech aus matdeelt, dass hien zu enger Risikogruppkategorie gehéiert.

Am Fall, wou e Schüler dem Service d'orientation professionnelle géif matdeelen, datt hien als vulnerabel anzestufen ass, wäert de Beruffsberoder versichen erauszefannen, wat fir gesondheetlech Aschränkunge virleien an eventuell mam Aarbechtsdokter vun der ADEM ofklären, wat an deem konkreete Fall ze ënnerhuelen oder ze ënnerloossen ass.